Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach a.s.b.l.

Medernach, den 1. Mäerz 2010

Dir Dammen an Dir Haeren,

Den Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach invitéiert Iech op hir

G E N E R A L V E R S A M M L U N G

déi en Mettwoch, 31. Mäerz 2010, em 20.00 Auer am Sall vum Restaurant „Op der Millen", 50, rue de Larochette, zu Medernach ofgehalen get.

Als Programm schloen mer vir :

1. Mot de bienvenue
2. Aktivitéitsbericht 2009
3. Finanzbericht 2009
4. Bericht vun de Keesserevisoren
5. Previsiounen 2010
6. Statutaer Wahlen, austriedend an erem wielbar : Chantal Frising/ /Jean Fettes/ Annemarie Ipavec. Mer ruffen all Interesséierten op, sech ze melden bis zum 31. Mäerz 2010, 19:00 Auer an eis am Comité eng Hand mat un ze paacken, all Kandidatur as wëllkomm !
7. Frai Aussprooch
8. Eirewain an Discussiounen

Mer hoffen, dat Der Zait hutt op dess Generalversammlung ze kommen an fréen ons op Aeren Besuch.

Den Comité vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach a.s.b.l.

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach a.s.b.l. - Kengert - L-7633 Medernach
tel. President 837270 Secrétaire 837186 fax 878 323
Homepage : http://www.medernach.info email : linda@ kengert.lu
Spuerkeess Larochette, IBAN LU 79 0019 2900 0242 6000
BGL Larochette , IBAN LU 78-0030-2685-7516-0000
Dexia Mersch, IBAN LU35 0021 1926 8822 0800

Bericht vun der Generalversammlung
vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach a.s.b.l.
Donneschdeg, 31. März 2010 Zu Miedernach

Aktivitéitsbericht 2009.

- Generalversammlung 12.03.2009

- 14. Mäerz grouss Botz vun der Entente vun den Verainer vun Medernach

- Den Weekend vum 24. bis 26. Abrëll hat den Radio ROM Medernach eng Aktioun opt Been gesat fir den Televie ennert dem Motto „Good Times 2". D'Memberen vum SIT hun eng Hand mat ugepaackt.

- Nationalfeierdaag beim Cortège an den offiziellen Festlechkeeten vun der Gemeng.

- 5. an 6. September 2009, d'Ausstellung Lëtzebuerger Produkter an der 20er Editioun

* vill Erfolleg, mat villen Exposanten vu Lëtzebuerger Produkten, déi och vill speziell extra Produkter fir den 20.en Anniversaire matbruecht hun
* Eis laangjähreg Aussteller hun mer op en Iessen invitéiert an och fir eis trai Annonceuren haten mer eng kleng Iwwerraschung.
* Animatioun mat Harmonikasfrënn Lëtzebuerg, e Concert vum Jeannot Büchler an Sonndes as den Illusioniste Myck Tom duerch d'Lett gaangen an huet se verzaubert.
* Fir den Honger war e Grill, Wellkärsstärzelen, eng „assiette regional Produkter" an Tierteg virgesinn. Näi als Menü haten mer „Porettenzapp mat gequellter Gromper", e Rezept vun fréier, wou eng gequellte Gromper an enger Zooss vun Poretten "gezappt" get.
* Vill Reklamm huet d'Leit op Miedernach invitéiert, Depliant am Full Colour, mat villen flotten Photo'en vun eiser Ausstellung. Vun den 6000 Déplianten goufen der méi wéi 3000 un Privatadressen verschéckt. Och sin näi Calicots'en am Duerf opgehaangen gin an eis Panneaux'en frësch gemeet gin.
* Fir en Deel vun eisen Gedrënks Stänn haten mer aner Verainer aus dem Duerf gefrot an mer sin frou, dat den Desch-Tennis an den Gesank dat gemeet hun. Den Radio ROM huet erem den Grill gemeet. Mer soen och der Dexia Bank vun Miersch Merci, fir d'Zelt wat si eis geleint hun fir den Weekend
* Och haten mer e flotten Kontakt iwwert den Zebra Club vun der Spuerkeess, verbonnen mat engem Concours an et war eng flott Tombola.
* Dem Assurance-Bureau Schmit-Seyler vun Miersch soen mer villmools Merci fir d'Ennerstetzung baim Drock vun den Dépliants.
* Obwuel mer jo kén Entrée froen an et dofir schwéier as, d'Besucherzuelen ze erfaassen, hun mer dat Gefill, dat 2009 esou vill Lëtt wéi nach nie eis Ausstellung besichen komm sin.

- D'Aktioun Aalt Gezai war den 18. September 2009.

- 25. Oktober 2009 Herbstwanderung, wou dëst Joer 106 Lett (49 Touristen an 57 Miedernacher) vun Iertsebulli an Fräibéier genéisse konnten.

- Wei all Joer hun d'Läit iwwer 70 am Duerf e Cadeau kritt fir Chrëschtdag, dat waren 2009 : 53 Fraen an 41 Männer.

- Béi engem 90. Gebuertsdag mecht de Syndicat ëmmer eng kleng Feier, 2009 waren dat der zwou : am Oktober den Häer Frinn Breyer an am November seng Madame, Emma Breyer-Kayser.

- un d'Touristen sin d'Prospekter vum O.N.T. verdeelt huet, an zwar Informations Générales, Kaarten an nach soss Depliants. Och Dépliants vun der Entente Mëllerdall goufen verdeelt. Zesummen mat den aneren Verainer an der Entente des sociétés vun Medernach hun mer e Manifestatiounskalenner drécken gelooss.

- Mir sin Member an der Entente des S.I. de la Région Mullerthal, la Petite Suisse Luxembourgeoise et la Basse Sûre, wou eis Delegéierten op verschidden Aarbechtsitzungen waren.
* Verkaaf vum „Mullerthal Trail“ Wanderkaarten
* Hoellef beim Stand „Mullerthal Trail“ an der Woch vum 16. bis 26. Abrëll an der Belle Etoile fir den Lëtt Informatiounen iwwert d'Regioun ze gin.
* Am neien Layout vum „What's On“ 2009 vum Office Regional du Tourisme as Medernach och virgestallt gin.

- Eisen Internetsite leeft op den www.medernach.info an as och à jour gehalen gin.

- Buerfousswanderwee : desen Projet un dén mer schons méi laang plangen as ab dem 27. Juli ugefaangen gin mat den Equipen vum Comité de Défense Sociale an dem Feeschter. Enn September war dat meescht dun ferdeg bei den Baussenaarbechten, am Laaf vum Wanter as geschafft gin un Begleitmaterial, Dépliant, Maskottchen, Panneaux etc.
Et as e flotte Pad gin, wou én mat plakeschen Feiss iwwert verschidden Texturen kann goen, esou wéi Holz, Mulch, Sténg, Dennenzapfen, etc. Mer kommen an den Previsiounen 2010 nach drop zréck.

De Finanzbericht vum Keessiär Jean Fettes huet eng gesond finanziell Situatioun ausgewisen, dëst as him och vum Keesserevisoren Bob Bintz an Raymond Collé bestätegt ginn. Fir 2010 sinn déiselwecht Hären d'Keesserevisoren.

Zum Punkt Previsiounen 2010 :

- Offiziell Ouverture vun eisem Buerfousswanderwee e Freideg, 7. Mee em 15:00 Auer mat Madame Tourismusminister Françoise Hetto-Gaasch. Mer wellen mat eisem Projet och Kandidatur stellen fir den „prix de l'Innovation“ 2010 vum Office National du Tourisme.

LETZEBUERGER PRODUKTER ZU
MIEDERNACH

- De Lëtzebuerger Weekend den 4. an 5. September 2010, et as déi 21. Keier an mir hun als Gaaschtland Spuenien.

- Aalkleedersammlung 17. an 18. September 2010

- Herbstwanderung den 24. Oktober 2010 mat Fraibéier an Iertsebulli

- D'Chreschtdaagscadeauen fir Läit iwwer 70, an mir hun am Joer 2010 dräi 90-Joer Feieren : Mme Wagner-Boever Suzanne, Mme Fettes-Bina Anne an Mme Stein-Goedert Mathilde.

- Prospekter vum Office National du Tourisme an Entente Mellerdall, ginn ausgedeelt.

- Zesummen mat den aneren Verainer vun Medernach get e Manifestatiounskalenner drécken gelooss. Fir d'Entente vun den Medernacher Verainer stellt den Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach den President fir déi nächst 2 Joer.

- Zesummen mam SIT Iermsdreff maachen mer en neien Internetsite, am Layout vum Office Regional du Tourisme Mullerthal-Petite Suisse Luxembourgeoise. Dén soll am Laaf vum Fréjoer operativ sin.

- den SIT besteht 2010 25 Jaar, mer hun dofir en Ausflug den 19. an 20. Juni geplangt, wou mer an den Elsass fueren.

D'Generalversammlung gouf mat engem gudde Patt ofgeschloss.

(Kopie vun dësem Bericht ennert www.medernach.info/presse/GVS2010.pdf)

Zesummenstellung vum Comité 2010

Chantal Frising-Depuydt	Présidente
Robert Gedink	Vice-président
Linda Gedink	Secrétaire
Jean Fettes	Trésorier
Fern Weydert	membre
Jean Buck	membre
Annemarie Ipavec	membre
Emile Dostert	membre
Jung Christiane	membre
Muriel Pfeiffenschneider-Kesler	membre
Jean-Marie Speltz	membre
Pascal Zeihen, conseiller	représentant de l'administration communale
Raymond Collé	réviseur de caisse
Bob Bintz	réviseur de caisse
Robert Probst (†2006)	Président d'honneur

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Medernach a.s.b.l. - Kengert - L-7633 Medernach
tel. President 837270 Secrétaire 837186 fax 878 323
Homepage : http://www.medernach.info email : linda@ kengert.lu
Spuerkeess Larochette, IBAN LU 79 0019 2900 0242 6000
BGL Larochette , IBAN LU 78-0030-2685-7516-0000
Dexia Mersch, IBAN LU35 0021 1926 8822 0800